N°3848
Entrée le 18.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Justizministesch an delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, vum Inneminister, Léon GLODEN, a vum Wirtschaftsminister, Lex DELLES op d'parlamentaresch Fro n°3848 vum 27. Mäerz 2026 vun der honorabler Deputéiert Taina BOFFERDING.**

**Wéi gesäit den aktuelle gesetzleche Kader zu Lëtzebuerg aus am Beräich vum Schutz géint d'netconsensuell Verbreedung vun intime oder private Contenuen um Internet? Plangt d'Regierung, dëse gesetzleche Kader ze stäerken, besonnesch am Liicht vun de rezente technologeschen Entwécklungen?**

D'Regierung verurteelt déi net-konsensuell Verbreedung vun intimen oder privaten Inhalter um Internet schaarf. National gëtt dofir de strofrechtleche Kader géint digital Gewalt verschäerft an op europäeschen Niveau huet sech d'Lëtzebuerger Regierung grad an de Verhandlunge zum sougenannte KI-Omnibus op deem Punkt fir e gréissere Schutz a méi Preventioun agesat.

Digital Gewalt ass ganz kloer reell Gewalt mat schlëmme Konsequenzen fir d'Affer. Och wann et haut schonns gesetzlech Méiglechkeete ginn, fir géint verschidden Dote virzegoen, ass et wichteg, datt eist Strofgesetz dëser Gewalt besser Rechnung dréit, fir eng effikass Strofverfollegung vun den Täter an e bessere Schutz vun den Affer ze erméiglechen. Fir deemno de strofrechtleche Kader an der Matière ze stäerken, huet de Justizministère de Projet de loi *relatif à la lutte contre les cyberviolences et portant modification du Code pénal*[1] an der Chamber deposéiert, deen ënner anerem virgesäit, dass d'net-konsensuell Verbreedung a Weise vun intimem Material an aner Doten als Strofdot an de Code pénal integréiert ginn, an dëst och an de Fäll, an deenen dat betraffe Material mat Hëllef vun enger kënschtlecher Intelligenz erstallt oder modifizéiert gouf.

Wat den aktuellen nationale gesetzleche Kader am Zesummenhang mat der net-konsensueller Verbreedung vun intimem Contenu ugeet, gëtt op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 3438 verwisen. Esou kann dëst Verhalen ënner den Artikel 442-2 vum Code pénal betreffend *harcèlement* falen. Wa Mannerjäreger betraff sinn, fannen haut d'Artikelen 383, 383*bis* a 383*ter* vum Code pénal Uwendung.

Ausserdeem sinn d'Contenuen, dorënner och sougenannt "Deepfakes", déi et erlaben eng Persoun direkt oder indirekt ze identifizéieren, als Traitement vu perséinlechen Donnéeën am Sënn vum Artikel 4 vum RGPD ze qualifizéieren. Dëst gëllt och fir hir Veröffentlechung oder Verbreedung iwwer digital Plattformen.

[1] https://www.chd.lu/fr/dossier/8734

Allerdéngs gesäit den Uwendungsberäich vum RGPD (“*règlement général sur la protection des données* ») eng Exceptioun vir: wann Traitementer vun Donnéeën, oder an dësem Fall, d’Generéiere vun “Deepfakes”, am Kader vu reng perséinlechen oder privaten Aktivitéite vun enger natierlecher Persoun gemaach ginn, applizéiert sech déi sou genannten „exception domestique“, wat dozou féiert, datt d’Obligatiounen a Prinzippie vum RGPD net applicabel sinn. Den RGPD gëtt eréischt applicabel, wann de betreffende Contenu iwwer dëse private Kader eraus verbreet gëtt, zum Beispill duerch eng Publikatioun um Internet oder op soziale Medien.

An esou engem Fall hunn déi betraffe Persounen haut schonns d’Méiglechkeet, eng Reklamatioun bei der zoustänneger Dateschutzautoritéit anzereechen, notamment an deem Memberstaat, an deem de Responsabele vum Traitement sech befënnt. Et ass awer ze ënnersträichen, datt d’Pouvoire vun der CNPD (“*Commission nationale pour la protection des données*”), zum Beispill, a Bezuch op Kontrolle vu private Persounen limitéiert sinn. D’CNPD ass net dozou befüügt, privat Persounen direkt ze kontrolléieren; dës Kompetenz läit exklusiv bei de Justizautoritéiten. Zousätzlech stellt sech an der Praxis am Kader vun enger Reklamatioun dacks d’Fro vun der Identifizéierung vum sougenannte Responsabele vum Traitement (also déi Persoun, déi de Contenu publizéiert huet).

Da gëtt et haut e Schutz géint d’net-konsensuell Verbreedung vu private Contenuen am Kader vum Gesetz vum 11. August 1982 iwwert de Schutz vun der Privatsphäre. D’Applikatioun an d’Interpretatioun vun dëse Bestëmmunge falen an d’Kompetenz vun de Justizautoritéiten.

Ze präziséieren ass och, dass laut dem europäesche KI-Reglement, “Deepfakes” gekennzeechent wäerte musse ginn. Laut dem Gesetzesprojet Nummer 8476 soll hei am Land d’ALIA (“*Autorité luxembourgeoise indépendante de l’audiovisuel*”) déi zoustänneg Autoritéit fir d’Iwwerwaache vum Anhale vun dëser Obligatioun ginn.

Am Kader vun de Verhandlungen zum sougenannte KI-Omnibus, deen de KI-Reglement adaptéiere soll, gouf et Propositioune souwuel vum Europäesche Rot, wéi vum Europäesche Parlament fir KI-Systemer, déi intim Contenuen vu Kanner oder vu Persounen ouni deenen hiert Averständnis produzéiere kënnen, komplett ze verbidden. An dëse Verhandlungen ass et elo rezent dann och zu engem Accord tëschent Europäeschem Rot a Parlament komm, fir esou KI-Systemer an der EU ze verbidden.

Zënter dem Akraafttrieden vun der „E-Commerce“-Direktiv[2] sinn Online-Plattformen[3] da verflicht, all illegal Inhalter ze läschen, soubal si dovu Kenntnis kréien. Dëse gesetzleche Kader gouf duerch den „Digital Services Act“ (DSA)[4] gestäerkt, deen de 17. Februar 2024 a Kraaft getrueden ass an zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 4. Abrëll 2025 ëmgesat gouf[5]. Op europäeschem Niveau ass

[2] Directive 2000/31/CE du Parlement européen et du Conseil du 8 juin 2000 relative à certains aspects juridiques des services de la société de l'information, et notamment du commerce électronique, dans le marché intérieur („E-Commerce“-Direktiv).
[3] Sozial Netzwierker, Videodeelplattforme an Online-Maartplaze ginn als Online-Plattforme betruecht.
[4] Règlement (UE) 2022/2065 du Parlement européen et du Conseil du 19 octobre 2022 relatif à un marché unique des services numériques et modifiant la directive 2000/31/CE („Digital Services Act“).
[5] Loi du 4 avril 2025 portant mise en œuvre du règlement (UE) 2022/2065 du Parlement européen et du Conseil du 19 octobre 2022 relatif à un marché unique des services numériques et modifiant la directive 2000/31/CE et

d'Europäesch Kommissioun, an op nationalem Niveau d'Konkurrenzautoritéit, fir seng Ëmsetzung zoustänneg.

Den DSA verlaangt notamment, datt all Online-Plattforme Mechanisme fir d'Meldung vun illegalem Inhalt aféieren. Am Fall vun enger sech widderhuelender Verbreedung vun illegalem Inhalt mussen d'Plattformen och d'Konten, déi fir dës Verbreedung verantwortlech sinn, suspendéieren oder temporär zoumaachen. Ausserdeem ënnerleien „ganz grouss Online-Plattformen“[6] zousätzlechen Obligatiounen am Zesummenhang mat der Gestioun vu systeemesche Risiken. Dëst gëllt besonnesch fir Fäll vu geschlechtsspezifescher Gewalt.

Am Fall wou „ganz grouss Online-Plattformen“ hir Obligatiounen net erfëllen, kann d'Europäesch Kommissioun ënner anerem Geldstrofe vu bis zu 6 % vum järlechen weltwäiten Ëmsaz operleeën oder d'Déngschter temporär aussetzen.

Am Fall wou eng Online-Plattform, déi zu Lëtzebuerg etabléiert ass, géint den DSA verstéisst, kann d'Konkurrenzautoritéit administrativ Geldstrofen vu bis zu 6 % vum järleche weltwäiten Ëmsaz vun der Plattform operleeën oder beim Bezierksgeriicht Lëtzebuerg eng temporär Fermeture vum Service bei schwéieren a widderhuelte Verstéiss ufroen.

**Ginn et Statistiken oder Donnéeën iwwer Plainte, déi zu Lëtzebuerg agereecht goufen am Zesummenhang mat „revenge porn“ an „Deepfake“ iwwer digital Mëttelen? Wéi vill dovun féieren zu enger juristescher Verfolgung? Wéi gesäit et aus mat Geriichtsentscheedungen zu Lëtzebuerg, déi sech speziell mat esou Fäll beschäftegen?**

Faiten wéi Revenge Porn oder Deepfakes gi statistesch net separat erfaasst. Déi zoustänneg Sektioune vun der Police mellen, datt an hire Statistiken an deene leschte Jore just 4 Plainte ronderëm Deepfakes gefouert gi sinn.

Wat Reklamatiounen am Sënn vum RGPD ugeet, gouf d'CNPD bis elo nach net mat Reklamatiounen am Zesummenhang mat digitaler Gewalt, besonnesch am Kontext vu „Deepfakes“ oder „Revenge Porn“, saiséiert.

Zousätzlech wéilte mir op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 2557 verweisen.

**Wéi eng Begleed- an Supportmoossname ginn et fir Affer vu digitaler Gewalt, besonnesch am Beräich vun juristescher an psychologescher Hëllef?**

All Affer vun enger Strofdot ka sech zu all Moment un de Service d'Aide aux Victimes (SAV) vum SCAS wenden, fir do vun qualifizéierte Psychotherapeuten ënnerstëtzt ze ginn. Et handelt sech ëm e gratis a disponibele Service, onofhängeg dovun, ob d'Affär poursuivéiert gëtt oder net. Déi Professionell vum Service d'Aide aux Victimes begleeden d'Affer net nëmmen um psychotherapeuteschem Plang, mee

---

portant modification de : 1° la loi modifiée du 14 août 2000 sur le commerce électronique ; 2° la loi modifiée du 30 novembre 2022 relative à la concurrence („d'Gesetz vum 4. Abrëll 2025“).

[6] Déi „ganz grouss Plattformen" si Plattformen, déi méi wéi 45 Milliounen aktiv Benotzer an der EU hunn an eng systemesch Roll um Maart spillen. Eng Lëscht gouf vun der Europäescher Kommissioun opgestallt an ëmfaasst aktuell ronn 25 Plattformen, wéi Facebook, Instagram LinkedIn an X (Twitter): Link op d'Lëscht vun de VLOPs an de VLOSEs.

bidden hinnen och eng Ënnerstëtzung iwwer déi ganz Strofprozedur ewech un, ënner anerem duerch d'Virbereedung op d'Verhandlung virum Geriicht an duerch hir Assistenz wärend där Verhandlung.

All Affer vu Gewalt ka sech och un den Centre national pour Victimes de Violences (CNVV) wenden, deen am Abrëll 2025 seng Aarbecht opgeholl huet. Zu den Offere gehéiert och eng juristesch a psychologesch Ënnerstëtzung. Zanter dem 1. Mee 2026 funktionnéiert den CNVV och 24 Stonnen den Dag an 7 Deeg an der Woch.

Wat spezifesch digital Gewalt betrëfft, do hunn d'Affer, déi zu Lëtzebuerg wunnen, doriwwer eraus Zougang zu enger Rei vu weideren Ënnerstëtzungsmoossnamen. Esou kënne si d'Helpline 'BEE SECURE' kontaktéieren fir eng Berodung an psychologesch Ënnerstëtzung ze kréien.

Wat d'rechtlech Ënnerstëtzung am Kontext vum DSA ugeet, kënnen d'Affer all illegal Inhalter direkt bei der betraffener Online-Plattform mellen. Wann d'Online-Plattform zu Lëtzebuerg etabléiert ass, an hir Äntwert entweder ongenügend ass oder wa guer net geäntwert gëtt, kënnen d'Affer e Signalement oder eng Plainte bei der Konkurrenzautoritéit areechen. Fir „ganz grouss Online-Plattformen", déi an d'exklusiv Kompetenz vun der Europäescher Kommissioun falen, wäert d'Konkurrenzautoritéit d'Signalement vun den Affer un d'Europäesch Kommissioun weiderleeden.

**A wéi wäit gëtt eng europäesch oder international Zesummenaarbecht envisagéiert, fir géint déi grenziwwerschreidend Verbreedung vun illegale Contenuen, déi d'Privatsphär verletzen, virzegoen, zb wann et ëm d'Läsche vun dëse geet oder d'Verfollegung vun Täter geet?**

Am Beräich vum Dateschutz, a méi konkret am Kader vum RGPD, huet den Europäesche Comité fir den Dateschutz (EDPB) eng Stellungnam zum Bildrecht am Kontext vun der Notzung vu KI-Systemer publizéiert. Den EDPB ass en europäesche Comité, deen all national Dateschutzautoritéiten zesummebréngt, dorënner och d'CNPD.

Dës Stellungnam bezitt sech besonnesch op KI-Systemer, déi realistesch Biller oder Videoe vun identifizéierbare Persounen erstellen, ouni datt dës Persoune virdrun informéiert goufen oder hir Zoustëmmung ginn hunn.

Am Allgemenge weisen déi rezent Entwécklungen am Beräich vun der kënschtlecher Intelligenz an déi domat verbonne Risiken drop hin, datt esou Technologien am Aklang mam Schutz vum Privatliewen an den Dateschutzreegele mussen analyséiert an iwwerwaacht ginn. Dës Thematik gëtt och aktiv am Kader vun den Aarbechte vum EDPB behandelt.

Wat d'Ëmsetzung vum DSA ugeet, berout d'Virgoen géint grenziwwerschreidend Verbreedung vun illegale Contenuen op enger enker europäescher Zesummenaarbecht. Op europäeschem Niveau fält d'Opsiicht vu „ganz groussen Online-Plattformen" an d'Zouständegkeet vun der Europäescher Kommissioun, déi a Kooperatioun mat den nationale Koordinatoren fir digital Déngschter agéiert, zu Lëtzebuerg ass dat d'Konkurrenzautoritéit.

Um nationalen Niveau iwwerhëlt d'Konkurrenzautoritéit, an hirer Funktioun als Koordinator fir digital Déngschter, de Rôle vum Kontaktpunkt fir all Online-Plattformen (onofhängeg vun hirer Gréisst). Esou kann d'Konkurrenzautoritéit all Reklamatioun oder Signalement, deen d'Verbreedung vun illegalem

Inhalt duerch eng Online-Plattform betrëfft, un d'Europäesch Kommissioun an un déi national Koordinatoren vun anere Memberstaaten weiderleeden.

Natierlech applizéieren sech allgemeng och d'Mechanisme vun der *entraide judiciaire*.

**Gesäit d'Regierung e Besoin fir méi staark Preventiouns- an Sensibiliséierungscampagnen am Beräich vun digitaler Gewalt?**

De Moment vum Akraafttriede vum Projet de loi 8734 soll eng begleedent Sensibiliséierungscampagne gemaach ginn, och bei Jonken.

Doriwwer eraus gëtt dann awer och op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 2557 verwisen.

Lëtzebuerg, den 11. Mai 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue